N°6705
Entrée le 28.09.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 6705 vum 24. August 2022 vum Här Deputéierten Marc Goergen.

De Prinzip, dass ee bei enger Reservatioun de Präis vum Ticket am viraus bezilt, existéiert bei ville Produiten an Déngschtleeschtungen, sief et bei der Reservéierung vun engem Concerts- oder Theaterticket oder och fir eng Plaz an engem internationalen Zuch, wéi TGV oder ICE. Och Produiten, déi iwwer Internet bestallt ginn, ginn à priori de Moment selwer vum Akaf bezuelt, nach iert een de Produit selwer gesinn huet.

Déi kommerziell Aviatioun funktionéiert op Basis vun internationalen a weltwäit gültege Reegele fir e Reseau vu Connectiounen ze ënnerhalen. D'Präispolitik vun de Kompanien ass immens dynamesch, de Präis vum Ticket ka bannent kuerzer Zäit staark variéieren, jee nodeem wéi vill Leit ee bestëmmte Fluch buchen. D'Präisser ginn deemno permanent jee no Offer an Demande nei berechent. Dëse Reservéierungssystem ass essentiell, fir dass eng Kompanie kann am Viraus seng Flich plangen.

Doriwwer eraus gëtt kee Passagéier gezwongen, fir säi Billjee méintelaang am viraus ze buchen. Et huet och haut schonn all Passagéier d'Recht, sech säin Ticket de Moment selwer um Fluchhafen ze kafen, no deenen entspriechende Konditiounen a Präisser. Déi meescht Fluchgesellschafte bidden ausserdeem och flexibel Ticketen un, déi zu all Moment kënne vum Passagéier annuléiert an och direkt zréckbezuelt ginn. Aus all deene Grënn wier eng Ëmstellung vum ganze globale Reservéierungssystem net sënnvoll.

D'EU Reglement 261/2004 garantéiert doriwwer eraus dem Passagéier seng Rechter am Fall vun Annulatiounen oder Verspéidunge vu Säite vun der Fluchgesellschaft.

Lëtzebuerg, den 28. September 2022

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch